



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le **20 OCT. 2021**


Objet : Question parlementaire n°5033 du 30 septembre 2021 de Messieurs les Députés Max Hahn et Claude Lamberty le E-Commissariat

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5033 vum 30. September 2021 vun den honorabelen Députéierten Max Hahn an Claude Lamberty zum "E-Kommissariat".

Ad 1):

Am Kader vun der Digitalisatioun sinn déi genannten Zuelen als gudden Erfolleg unzegesinn.

Ad 2.):

D'Pandemie hat effektiv een Afloss op d'Zuele, well duerch de Lockdown méi Leit op den E-Kommissariat verwise goufen. Generell sinn d'Zuelen awer all Joer an d'Luucht gaangen.

Ad 3.) et 4.):

Am Joer 2019 gouf e Stufepiang ausgeschafft, fir Démarchen iwwert den E-Kommissariat ze erweideren. Dee Plang gesäit fir, dat an enger éischter Phase d'Lëscht vun den Objeten, déi een als geklaut ka mellen, vergréissert gëtt. An deenen nächste Phasen, déi sech dann iwwer di kommend Joren erstrecken sollen, ass virgesinn, fir verschidden aner Strofdoten iwwert den E-Kommissariat deklaréieren ze kënnen.

Dëse Stufepiang gëtt an de nächste Joren ëmgesat a Funktioun vun der Erweiderung vum Personalstand vum E-Kommissariat.

Ad 6.):

Am Service, deen d'Deklaratioune vum E-Kommissariat verschafft, sinn aktuell 2 Beamten affektéiert.

Ad 7.):

Vu dass déi Démarchen iwwert d'E-Kommissariat ganz verschidden sinn (vum objet déclaré trouvé bis hin zum vol simple), ass eng generell Moyenne net aussokräfteg.

Ad 8):

Am Kader vun der genereller Opstockung vum Policepersonal wäert och sécherlech d'Opstockung vum E-Kommissariat envisagéiert ginn. D'Formatioun vun deenen Leit orientéiert sech a Funktioun vun der Offer vun Déngschtleschtungen déi d'E-Kommissariat an Zukunft muss garantéieren (OPJ, etc.).